ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum

07.10.2024

Punkt 1 : Presenzlëscht

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present
LESCH Luc	***PESCH*** Serge (entschëllegt)
LOSCH Gilles (Präsident & Sekretär => Tom huet sech entschëllegt)	***WINANDY*** Tom (entschëllegt)
SEDRANI Catherine	***MALHERBE*** Louis (entschëllegt)
STOCCO Mauro	***WIRTZ*** Pit (entschëllegt)
VOSMAN Joske	
WIRTZ Pascal	
QUAZZOTTI Luca	

Punkt 2: Validatioun lëschte Rapport 13/06/24 & 30/07/24

Déi 2 Rapporte vun de Kommissiounssëtzungen vum 13/06/24 & 30/07/24 goufe unanime ugeholl.

Punkt 3: Naturpakt

- Ziel vun eiser Versammlung war ët och nach Gemengegebaier zu Tënten (wou den 30/07 aus zaitleche Grënn nët méi konnten gekuckt ginn) ze annaliséieren fir een AVIS auszeschaffe wou Mir eng Daach an/oder/ Fassadenbegréngung (Punkt 2.11) méiglech gesinn.
- No der Lëschter Versammlung huet Naturpaktberoderin Maryse Leiner vum Sicona Eis Réckmeldung ginn, datt am neien Audit déi 1,1 Punkten zeréckbehalen goufen wëll d'Schoul zu Bruch eng Daachbegréngung huet.

2.11 : Pourcentage des bâtiments communaux disposant d'un toit végétalisé et/ou d'une façade végétalisée par rapport au total des bâtiments publics de la commune. (en %)

- Valeur : 2,13 %
- Numérateur : 1
- Dénominateur : 47
- Points : 1.1
- Points max : 3
- Remarque complémentaire :
- Pièces justificatives :

-

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

- folgend 3 Gebaier wou schonns begréngt sinn awer nach nët am lëschten Audit vum Naturpakt berécksichtegt gouffen geet sech Maryse elo awer och ukucken.

Dëst 2 Gebaier sinn jo schonns begréngt 😊

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/08/2024



dëst Gebai ass jo schonns begréngt hei muss gekuckt ginn in wéi weit de Wantergréng kann bei enger Renovatioun kann erhale bleiwen

- folgend Aenwerten op Eis Froen vum lëschten Rapport hunn Mir och nach kritt:
  - Ass et wichteg datt X % vum Gebai begréngt sinn oder geet zB och schonns mat 1 Kloterplanz duer?

➢ Dëst géif net duer goen. Et muss net déi ganz Fassade sënn mee et wier awer gutt wa wéinstens 1 Säit (oder mindestens ½ Säit) begréngt ass.

  - Wéini schwätze Mir iwwerhaapt vun engem Gebaii => ass zB een Abris wéii op der Spillplaz zu Tënten oder een Busarrêt och unerkannt?

➢ Ee Busarrêt géife mir elo net als Gebai gesinn. Eng Morgue ass fir eis Limite, am Beschten 4 Säiten zou.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

Gebaier zu Tënten:

- Den Abris op der Spillplazass schonns begréngt
- Container fir den Docterensi just provisoresch hei mécht et also kee Sënn
- Och Haus Sassel bittsech duerch déi vill Fënsteren an de Dach net un



- Beim Veräinsbau kënnt wann iwwerhaapt just eng Begréngung vun der Fassade zur Säit vun der Wiss a Fro (à voir wann hei emol ee Projet ass)

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

- Beim Koschtegbau ass am Kader vum Projet geplangt de Flaachdaach ze begréngen

- Gemeng + Maison Kottong muss gekuckt gi wéi de Projet vun der Vergréisserung soll ausgesinn

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

- Déi 2 Flaachdiecher vum Gemengenatelier + CISTU géife sech gutt ubidden fir eng Begréngung



Bei dem geplangten Ausbau a neie Bürosgebai vum aktuellen Atelier soll oballen Fall eng Begréngung vum Flaachdaach matt ageplangt ginn.

Den Dach vun der geplangter grousser néier Hall soll fir eng grouss PV-Anlag genotzt ginn, Fassaden östlech + südlech laanscht Wise bidden sech u fir eng Begréngung resp fir uplanze vun Hecke ronderëm.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

- Kierch bitt sech u fir PV mee net fir eng Begréngung

- Falls wéi ugedeit dat mëttelst aalt Schoulgebai aus de 50/60iger Jore soll/muss als Zäitzeien am Kader vum lafende PAP Fuusswissen erhale bleiwen, sollt hei gepréift ginn op et méiglech ass op dësem relativ flaachen Daach dann awer eng Begréngung ze maachen. De Flaachdaach vum mei neie Gebai (riets op der Foto) wier sécher vun der Pente och gutt, allerdéngs ass dëst een hëlzenen Opbau a et ass wuel statesch net méiglech. Falls den PAP en Accès op Sëller Strooss virgesäit, muss sws ob mannst 1 vun deenen 2 Gebaier verschwannen… Deen alen Deel vun der aler Schoul ass jo geschützt a sws och net fir eng Begréngung gëeegent.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024

- Morgue ass net gëeegent

- Kaart Dréchemauere komplettéieren
  - Ët sinn Kengemen vun Eis néi Maueren opgefall
- Kartographie Sicona / Geoportail vun all eise Biotope kontrolléieren a ggfs completéieren
  - Fir dëse Punkt hate Mir leider keng Zäit méi

Punkt 4: Projet Schoulgaart

- de Ministère huet eisen Projet leider nët zeréckbehalen wëll an eisem Projet leider keng Ensigelung méiglech ass, den Ministère huet ons awer drop higewissen datt Subsiden iwwert aaner Programmer méiglech sinn.
  Laut Naturpaktberoderin sinn op Dréchemaueren 50% Subsside méiglech bei Zyklopensteng gët ët awer keng Ënnerstëtzung am PAG. Och ob Blumewisen sinn bis 50% Subsiden méiglech.
  Den Gilles erklärt datt am R. G-D vun 2019 nach aaner Subsiden zB och fir Fliedermaismoosnamen méiglech sinn, an enger kommender Sëtzung matt Spezialisten vum SICONA soll geklärt ginn waat hei nach méiglech ass.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/10/2024



Och déi 2 Moossname Br45 +Br40A vun der Starkreenetude um Site vum Schoulgaart goufen diskutéiert. Leit aus der Kommissioun zweifelen awer ob dës Moossnamen op dëse Plaz néideg sinn. Fir Eis ass zB Moossnam Br44 op den éischte Bléck vill méi sënnvoll , hei ware schonns oft Iwwerschwemmunge mat Geröll.

Wann den Devis dann ugepasst ass gëtt de Projet nach emol am Gemengerot diskutéiert.

Kommissioun steet dem Projet nach ëmmer positiv géigeniwwer an hofft datt e méiglechst schnell ëmgesat ka ginn.

Punkt 5: Verschiddenes

- Als flotten Ofschloss vun dësem Joer geet Kommissioun gären den **9/12/24 um 19:30 bei de Struwwel op Téinten Iessen** (à voir ab wéini Mir hei reservéiere kënnen
- Ët soll eng Versammlung zesumme matt der Ackerbaukommissioun an dem Charel Schmitz (c.schmitz@tr-engineering.lu) vum B.E, TR Engeneering geplangt ginn zur ofgeschlossener **STARKREGENSTUDIE** fir duerno an de resp Kommissiounen ze kucken wéi eng Moossnamen an noer Zukunft kéinten ëmgesat ginn.
  - ➢ Aus zäitlech Grënn schloe Mir vir dës Versammlung den **13 oder 20 Januar 2025** anzeplangen de Präsident vun der Ackerbaukommissioun Luc Lesch kuckt ob déi Datumer och fir seng Member passen an dann mëllen mir Eis beim TR Engineering.
- **Grouss Botz 2025 soll den 29/03/2025 ab 9:00** de WE virun der Vakanz stattfannen, nom grousse Succès dëst Joer wäert de Programm änlech wéi 2024 sinn

Sall reservéieren reservations@helperknapp.lu / Ordre du jour vun de Reuniounen op odj@helperknapp.lu / Rapport op secretariat@helperknapp.lu